LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
21 OCT. 2019

Dossier suivi par : Nathalie Weber
Tél. (+352) 247-86352

Le Ministre de la Sécurité sociale
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Luxembourg, le 18 octobre 2019

**Référence :** 82ex91809

**Objet :** Question parlementaire n° 1221 du 19 septembre 2019 de Monsieur le Député Jeff Engelen – Manque de ressources humaines au niveau des prestataires paramédicaux

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de Madame la Ministre de Famille et de l'Intégration et du soussigné à la question parlementaire n° 1221 du 19 septembre 2019 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant le *« Manque de ressources humaines au niveau des prestataires paramédicaux »*.

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre à la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Romain SCHNEIDER
Ministre de la Sécurité sociale

**Annexe(s) :** Réponse à la question parlementaire n°1221

26, rue Ste Zithe
L-2763 Luxembourg
Tél. (+352) 247-76320
Fax (+352) 247-86328
mss@mss.etat.lu
www.mss.public.lu
www.gouvernement.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
21 OCT. 2019

**Objet :** **Gemeinsam Äntwert vun de Ministeren fir sozial Sécherheet a vun der Minestesch fir Famill an Integratioun op d'parlementaresch Fro n° 1221 vum 19. September 2019 vum Här Deputéierte Jeff Engelen – Personalmangel bei den Hëllefsdéngschter am paramedezinesche Beräich**

*1. Gëtt et bei de privaten Hëllefsdéngschter, déi vum Staat finanziell subventionéiert ginn, e Personaischlëssel wat d'Betreiung vun de Patienten ugeet?*

D'Normen iwwert d'Dotatiounen an d'Qualifikatioun vum Personal wou autoriséiert sinn d'Prestatiounen auszeféiere si festgeluecht am « Règlement grand-ducal modifié du 13 décembre 2017 déterminant: 1° les normes concernant la dotation et la qualification du personnel; 2° les coefficients d'encadrement du groupe ».

D'Norme goufe festgeluecht pro Typ vu Prestatioun a pro Kategorie vu Prestataire am Hëllefsdéngscht. Et gi féier Kategorie vu Prestatairen an zwar d'Fleegedéngschter déi bei d'Leit heem fueren, d'hallef Stationär Fleegeariichtungen, d'Ariichtunge fir e stännegen Openthalt an d'Ariichtunge fir en kuerzen Openthalt.

Bei de Fleegedéngschter sinn d'Mataarbechter folgendermoossen zesummegesat:

- 40% vum Personal muss d'Qualifikatioun vun engem Aide socio-familiale hunn;
- 40% vum Personal muss d'Qualifikatioun vun engem Aide-soignant hunn ;
- 20% vum Personal muss d'Qualifikatioun vun engem Infirmier hunn.

2*. Wéi eng Hëllefsdéngschter sinn do betraff?*

Et handelt sech ëm all Prestataire wou an den Artikelen 389 bis 391 am Code vun der sozialer Sécherheet virgesi sinn an déi e Kontrakt mat der Gesondheetskeess ënnerschriwwen hunn. D'Prestatairen déi e Kontrakt mat der Gesondheetskeess ënnerschriwwen hu falen automatesch ënnert Dispositioune vun der « Covnention-cadre du 15 décembre 2017 signée entre la Caisse nationale de santé et la Fédération COPAS a.s.b.l ».

Fir kënnen eng Aktivitéit am Beräich vun der aide an de soins à domicile auszeüben muss de Prestataire en Agreement hunn dee vum Familljeministère ausgestallt gëtt. Zur Zéit hunn 13 Prestatairen en Agreement vum Familljeministère.

*3. Gëtt et Statistiken an Erkenntnesser iwwer den Absenteismus bei deenen Hëllefsdéngschter?*

26, rue Ste Zithe
L-2763 Luxembourg
Tél. (+352) 247-76320
Fax (+352) 247-86328
mss@mss.etat.lu
www.mss.public.lu
www.gouvernement.lu

Et leie keng Statistike fir iwwert den Absenteismus bei den Hëllefsdéngschter.

*4. Gëtt et e „Pool de Remplacement" beim Personal fir am Noutfall kënnen en temporäre Personalmangel opzefänken?*

Dëst hänkt vun deenen eenzele Prestatairen of an d'Regierung huet keng Informatiounen dozou. Dat modifizéiert Reglement vum 8. Dezember 1999 iwwer den Agreement vir d'Gestionnaire vu Servicer am Beräich vum drëtten Alter gesäit keng spezifesch Mesuren ewéi e Pool de Remplacement vir.

*5. Gëtt et e staatlecht Kontrollorgan wat dës Hëllefsdéngschter reegelméisseg iwwerpréift, besonnesch am Hibléck op d'Qualitéit vun de Servicer ?*

Laut dem Artikel 384*bis* vum Code vun der sozialer Sécherheet huet d'Administratioun vun der Evaluatioun an dem Kontroll vun der Fleegeversécherung (AEC) all 2 Joer folgend Missiounen:

*« - contrôler et mesurer l'adéquation entre les prestations effectivement dispensées et les prestations requises arrêtées dans la synthèse de prise en charge au moyen de la documentation de la prise en charge fournie par les prestataires d'aides et de soins, et, le cas échéant, d'une visite auprès de la personne dépendante ;*

*- contrôler la qualité des prestations fournies à la personne dépendante compte tenu des indicateurs décrits dans le règlement grand-ducal du 13 décembre 2017 déterminant le contenu de la documentation de la prise en charge et les indicateurs de qualité de la prise en charge. »*

D'AEC erstellt all zwee Joer e Rapport iwwert Kontrolle wou gemaach goufen a schéckt dësen un de Verwaltungsrot vun der Gesondheetskeess an un de Minister fir sozial Sécherheet, de Gesondheetsminister an un déi kompetent Ministere wou d'Legislatioun iwwert d'Relatiounen tëschent dem Staat an den Organismussen aus dem sozialen, Familljen an therapeuteschen Domän an hiren Attributiounen hunn.

Dëse Rapport enthält och d'Resultater iwwert d'Kontrolle wou duerchgefouert ginn am Kader vun der Bereetstellung vun den Hellëfstechnik. Et ass esou dat d'AEC d'Engagementer wou vun de Fournisseure gemaach ginn nokucke muss am Kader vun de Kontrakte wou déi hunn mat der Gesondheetskeess (d'Gesondheetskeess ass de Gestiounsorganismus vun der Fleegeversécherung).

D'AEC deelt der Gesondheetskeess all Ofwäichung mat déi se feststellen tëschent den Engagementer déi gemaach goufe vun de Fournisseuren an den Hellëfstechnike déi d'Léit kréien. Am Kader vun den Adaptatioune vum Haus, kontrolléiert d'AEC op déi esou wéi et am Cahier des charges festgehale gouf och ëmgesat ginn. Ausserdeem kontrolléieren se d'Qualitéit vum Material an de Prestatioune wou drun hänken.

Nieft dem Kontroll op d'Prestatiounen déi an der *„Synthèse de prise en charge"* déi vum Prestataire geleescht ginn adequat sinn huet d'AEC als Missioun reegelméisseg nozekucken op d'Prestatiounen déi an der *„Synthèse de prise en charge"* drastinn och adequat sinn zu de Bedierfnisser vun der Fleegebedierfteger Persoun. Dëst geschitt duerch Reevaluatioune wou zu verschiddenen Zäite festgesat ginn (Artikel 366 Code vun der sozialer Sécherheet).

Schlussendlech wat den Encadrement vun der Fleegebedierfteger Persoun ugeet ginn et Normen iwwert d'Qualifikatioun an Dotatioun vum Personal, déi no Qualifikatiounkoeffiziente vum Personal a Koeffizienten iwwert de Groupemenencadrement iwwert e groussherzoglecht Reglement [1] festgehale ginn a vun der Gesondheetskeess kontrolléiert ginn.

[1] Règlement grand-ducal modifié du 13 décembre 2017 déterminant : 1° les normes concernant la dotation et la qualification du personnel : 2° les coefficients d'encadrement du groupe.